ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Logement weiderzeleeden.

Am "Paperjam" war haut en Artikel iwwer d'Demissioun vun der Presidentin vum Fonds de Logement, déi schonn an enger parlamentarescher Fro thematiséiert gëtt. D'Publikatioun schwätzt an deem Zesummenhank awer vun Aktioune vum Wunnengsbauministère, vun deenen ech gär méi Detailler wéisst. Am "Paperjam" steet: *«Surtout, le ministère tenterait maintenant de passer cet épisode sous silence. Il aurait demandé aux membres du comité directeur du Fonds d'expurger le rapport de réunion évoquant le licenciement de M. Schweitzer de toute trace de ce point de l'ordre du jour.»* Duerfir meng Froen :

1. Ass et wouer, datt de Ministère – sief et mëndlech oder schréftlech – Uerder ginn huet, datt een oder méi Rapporte vu Reuniounen am Fonds du Logement sollten nodréiglech geännert ginn ?
2. Ass de Minister net der Meenung, datt Rapporten duerfir do sinn, fir der Wourecht entspriechend erëmzeginn, wat diskutéiert an decidéiert gouf?
3. Ass de Minister net der Meenung, datt déi Persoun(en) am Ministère, déi esou eng manifest illegal Handlung ugeuerdert huet/hunn missten d'Konsequenzen vun esou engem illegalen Akt droen ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten